Lëtzebuerg, den 17. Februar 2021

DP
DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*« An hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°2377 vum 11. Juni 2020 hunn d'Madamm an den Här Minister folgendes geschriwwen :*

*« D'Réikitzrettung mat enger thermescher Kamera an enger Dron aus der Loft ass déi sécherst Method fir Réikitz virun der Méihmaschinn ze retten. Déi nei Technologien kënnen hei sécherlech ee Beitrag fir méi Sécherheet leeschten. Oft ugewannte Methoden, wéi zum Beispill verdreiwe mat Duftstoffer oder Mënscheketten si méi zäitopwänneg an net sou erfollegräich. Et gëtt driwwer nogeduecht ee Pilotprojet ze starten. »*


*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wäert de genannte Pilotprojet dëse Fréijoer lancéiert ginn ?*

- *Wann net, wat wieren d'Grënn dofir ? Wéini soll de Projet gestart ginn ?*

- *Kënnen d'Madamm an den Här Minister weider Detailer zum Projet ginn ? »*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten



Gusty GRAAS
Deputéierten